Zesummegestallt vum: WEYLAND Nico weylandn@pt.lu / NEUMANN René rene@neumann.lu / THILL Lucien lucien.thill@lu.coditel.net / / März 07

©Minn, Déckkappsminn, Wäisskapp

LU: Minn, Déckkappsminn, Wäisskapp
DE: Döbel, Aitel, Mönne, Möhne, Dickkopf
FR: Chevaine commune, Chevesne, Chevenne, Chevanne, Meunier, Tétard, Chevaisne
LT: Leuciscus cephalus, Squalus cephalus, Squalus dobula, Cyprinus cephalus, Leuciscus dobula
Gréisst : 30 - 40 cm; Max. 60 cm
Gewiicht: Bis 8 kg
Kierper: De Kierper vum Minn ass spëndelförmeg, bal ronn gedréit. Hien huet en breeden décken Kapp mat breeder Schnëss. Hien huet grouss a kräfteg Schuppen mat donkelem Rand. De Réck ass grobrong a schimmert e bëssen gréng, d'Säiten sinn sëlwereg mat goldegem Glanz an de Bauch ass wäiss. D'After- an d'Bauchflossen si rout.
Standuert: Am léifsten ass hien a fléissendem Waasser an hält sech gär an de Frellenregiounen op. Gelegentlech kënnt hien och a gréisseren rouegen Gewässer viir. De klenge Minn ass e gesellegen Uewerflächen Fësch, gët duerno en Eenzelgänger a Raubfësch.
Ernährung: Wierm, kleng Kriibsen, Muschelen, Schleeken, Insektenlarven asw.. Grouss Minen friessen am léifsten kleng Fësch, Freschen a Kriibsen.
Läichzäit: Abrëll bis Juni
Schounzäit Grenzgewässer Musel a Sauer: 01.03 – 14.06 **Schounzäit Grenzgewässer Our:** 01.01 – 31.03 **Schounzäit Binnengewässer:** –
Fëschmooss Grenzgewässer: keng Mooss **Fëschmooss Binnengewässer:** keng Mooss
Indikatiounen ouni Garantie